N° 8320
Entrée le 15.09.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 18.09.2023

PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 15/09/2023

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Aussenugeleeënheeten an Europa & Gesondheet weiderzeleeden.**

Cannabis-Patienten, déi an d'europäiescht Ausland wëlle reesen, mussen déi hinne vum Dokter verschriwwe Quantitéit Cannabis bei sech féieren, wa si hiert d'Traitement weiderféiere wëllen. Demno wéi laang d'Reess ass, kënnt esou eng gewësse Mass zesummen.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wéi eng Dokumenter muss een am Viraus ufroen, fir dierfe säi medezinesche Cannabis mat an d'EU-Ausland ze huelen? Wou freet een dës un?

2. Wéi eng Dokumenter muss een am Viraus ufroen, fir dierfe säi medezinesche Cannabis mat an Drëttlänner ze huelen? Wou freet een dës un?

3. Wat muss ee beuechte beim Mathuele vum Cannabis?

4. Wat ass déi beschten Ulafstell, un déi Concernéierter sech kënne wenden, ier se fort ginn?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten